1-2021-O-J-7174-01 (n°3899)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: **Fred Keup**

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2022

Projet de loi n°7978

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- mat der „Ecole Internationale Gaston Thorn" déi mëttlerweil 6. Europaschoul zu Lëtzebuerg gegrënnt gouf, an dat säit 2016, wat bedeit, datt hei am Land praktesch all Joer eng nei ëffentlech Europaschoul creéiert gëtt;
- de klassesche Lëtzebuerger Schoulsystem mëttlerweil an alle Regioune vum Land der Konkurrenz vun engem Schoulmodell ausgesat ass, dee vu villen Elteren a Schüler opgrond vu senger „Flexibilitéit" besonnesch am Hibléck op de Sproochenunterrecht virgezu gëtt;
- der Entscheedung vun der Regierung, fir an all Regioun vum Land eng Europaschoul ze grënnen, keen nationalen Debat iwwer d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Schoul virausgaangen ass an datt dobäi am Speziellen den Dialog mat de concernéierte Beruffsverbänn net ausräichend gesicht gouf;

ass sech bewosst, datt:

- duerch d'Implementéierung vun ëmmer neien Europaschoulen déi sozial Kohesioun hei am Land geschwächt gëtt, andeems duerch d'Alphabetiséierung a verschiddene Sproochen net méi garantéiert gëtt, datt déi ënnerschiddlech Bevëlkerungsgruppen hei am Land an Zukunft iwwerhaapt nach matenee kommunizéiere kënnen;
- d'Europaschoulen eng Ongerechtegkeet schafen an deem Sënn, datt „traditionell" Schüler 13 Joer an d'Schoul goe mussen, bis se hir Première hunn, déi „international" Schüler awer just 12 Joer;
- d'Gefor besteet, datt d'Europaschoulen iergendwann just nach dat ubidden, wat international Konzerner als Norm festleeën, an datt Bildung doduerch iergendwann zu engem lukrative Geschäft gëtt;
- déi de Schüler vun Europaschoulen offréiert Optioun, hir Unterrechtssprooch zum Deel selwer wielen ze kënnen, als Fluchtméiglechkeet kéint gesi ginn, déi ville Schüler spéider den Zougank zum méisproochege Lëtzebuerger Aarbechtsmaart verbaut;

fuerdert d'Regierung op:

- den Ausbau vun den Europaschoulen ze stoppen an den „traditionelle" Lëtzebuerger Schoulsystem erëm méi ze valoriséieren, amplaz d'Europaschoulen ëffentlech als „ideal Alternativ" zum traditonelle Schoulsystem duerzestellen, déi besser dem individuelle Schüler mat sengem soziokulturellen/ethnesche Background ugepasst wier.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+ 352) 463742